N° 8256
Entrée le 23.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem ass eis zu Ouere komm, datt e Schüler bei engem Schoulausfluch versicht huet sech d'Liewen ze huelen. D'Eltere vum Bouf goufen awer réischt den Dag dono vun der Schoulleedung iwwer dësen trageschen Zwëschefall informéiert.

Dës Tatsaach werft d'Fro op, ob et am Ëmgang mam Thema Suizid(versuch) an der Kommunikatioun doriwwer am schoulesche Milieu méiglech ass fir Schüler fréizäiteg ze erkennen, déi vläicht an enger Kris stiechen an a Gefor sinn, ob geplangt oder als Kuerzschlussreaktioun, e Suizid(versuch) ze ënnerhuelen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister preziséieren, ob et Bestëmmunge gëtt, déi eng Schoul dozou verflichten, am Fall vun engem schlëmmen Zwëschefall, wéi z.B. engem Suizid(versuch), d'Eltere vum betreffende Schüler direkt doriwwer a Kenntnes ze setzen?
2) Am Artikel "Gerüstet gegen die Hilflosigkeit" ("Reporter" vum 14. Februar 2022) konnt ee liesen: «*François d'Onghia, der Leiter der Abteilung für Prävention und Information der "Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale", schätzt die Anzahl der Schulen, die sich auf diese Weise auf einen Ernstfall vorbereitet haben, auf nur „etwa ein halbes Dutzend". Und auch jene Schulen, die Vertreter und Vertreterinnen zu den Fortbildungs- und Vorbereitungskursen seiner Vereinigung geschickt haben, kann der promovierte Psychologe an einer Hand abzählen. Dabei gibt es in Luxemburg insgesamt 37 staatliche Lyzeen, einige davon mit mehreren Standorten.*» Verfüügt den Här Minister iwwer aktuell Zuelen, wat Schoulen (Primaire a Secondaire) ugeet, déi sech, z.B duerch d'Opstelle vun enger speziell forméierter Ekipp, op en Eeschtfall virbereet hunn?
3) Wéi de Psychologie-Professer Claus Vögele am mentionéierten Artikel betount, ass e Suizid(versuch) vun engem Schüler *"schrecklich, in den meisten Fällen aber auch schrecklich unnötig und vermeidbar."* Dat impliséiert, datt dat schoulescht Personal optimal op dës Thematik virbereet gëtt. Wat huet de Schoulministär säit 2018 konkret gemaach, fir dëst Zil ze erreechen?

4) Verfüügt den Här Minister iwwer Statistiken, wat d'Zuel vu Schülersuiziden a -suizidversich an de leschten zéng Joer ugeet? Wann nee, firwat ginn et keng esou Statisitiken?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8256 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser**

Fir d'éischt wéilt ech ënnersträichen, datt meng Servicer keng Kenntnis hu vun deem Zwëschefall, deen Dir an dëser parlamentarescher Fro beschreift.

E Suizidversuch ass ëmmer en Ausdrock vu groussem psychologesche Leiden an et ass der Schoul hir Flicht, d'Wuelbefanne vun de Kanner an de Jonken am A ze behalen an ugepasst dorop ze reagéieren, dëst an der Zesummenaarbecht mat den Elteren an de mandatéierte Servicer.

De Partenariat tëscht den ënnerschiddlechen Acteure vun der Schoulcommunautéit ass deemno vun zentraler Bedeitung. D'Schouldirektioune stinn an enkem Kontakt mat den Elteren an informéieren se, wann et zu engem Tëschefall kënnt, deen hiert Kand betrëfft, oder wann eng Gefor fir d'Kand besteet, sief et an der Schoul oder wärend enger Aktivitéit déi am schoulesche Kontext ugebuede gëtt. Wann e Jonken z. B. mat der Ambulanz an d'Klinik gefouert gëtt, informéiert d'Schouldirektioun d'Elteren doriwwer, a wéi eng Klinik de Jonken ageliwwert gouf. Do kréien d'Eltere vun deenen zoustännegen Experte méi Detailer iwwert den Zoustand vun hirem Kand mat allen noutwennegen Erklärungen.

Um Niveau vum Enseignement fondamental gëtt et eng spezialiséiert Ekipp fir all d'Membere vun der Schoulcommunautéit, d'Krisenteam (KIT). D'KIT ass ee Service, dee bei belaaschtende Situatioune ronderëm Noutfäll, Accidenter, Krankheet a Stierffäll an der Schoul kann intervenéieren. Intervenéieren heescht an dësem Zesummenhang, der Schoul konkret zur Säit ze stoen an/oder d'Schoulacteuren ze beroden. Heibäi steet d'KIT esouwuel de Regionaldirektiounen, den Enseignanten, de Schüler wéi och den Elteren zur Verfügung. Fir d'Schoule besteet zousätzlech d'Méiglechkeet, eng Aféierung zum Thema „Noutfall- a Krisemanagement" an eng Presentatioun vum KIT schoulintern ze organiséieren.

Am Enseignement secondaire ginn et zanter sëllege Jore Krisenteams, déi bei Fäll vu Suizid oder engem plëtzleche Stierffall aktivéiert ginn. Mëttlerweil läit d'Unzuel vun dësen operationellen Ekippen (Équipes de postvention EPV) bei 32 Lycéeën (Stand August 2023). 26 vun dëse Lycéeë konnte scho vun enger direkter Ënnerstëtzung a Form vu Formatioun a Coaching duerch de Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) oder der Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale profitéieren, sief et duerch eng Simulatioun vum Eeschtfall oder duerch Reuniounen an de jeeweilege Gebaier, wou d'Mise en place vun dësen Ekippe geplangt an duerchgefouert gouf.

Wärend dem gesamte Schouljoer gi reegelméisseg national Austauschtreffen tëschent dësen Ekippen organiséiert, mam Zil, den Echange an d'Expertis ënnert de Professionellen ze färderen. Bei dësen Austauschtreffe sinn all EPV-Coordinateuren aus de Lycéeë present.

Am Fall vun engem dramateschen Event am Schoulëmfeld (Accident, Doud, Suizid, ...), huet d'Schoul och d'Méiglechkeet, sech mam CePAS a Verbindung ze setzen, fir eng Ënnerstëtzung vum GAP bei der Organisatioun an der Ëmsetzung vun esou Gespréichsgruppen unzefroen.

Dëst sinn alles Moossname vun der Postventioun, déi awer ëmmer e präventive Charakter hunn, nämlech d'Acteure vun der Schoulcommunitéit ze stäerken, si an hirem Trauerprozess ze begleeden a virum sougenannte "Werther-Effekt" oder "Nachahmungseffekt" ze schützen.

D'Schafung vun engem neie sozio-edukative Service (SSE), dee fir déi nidderschwelleg Jugendaarbecht an de Lycéeën zoustänneg ass, ass eng vun deene wichtegste Präventiounsmesuren, fir déi Jonk schonn am Virfeld ze erreechen.

Am spezifesche Kontext vun der Suizidpräventioun ginn an all Lycée Multiplicateure fir de "Premiers Secours en Santé Mentale – PSSM" forméiert, déi ganz cibléiert d'Unzeechen an d'Risikofacteure bei de Jonken, awer och bei den Erwuessenen aus der Schoulcommunitéit erkennen an doropshin agéieren. Zil heibäi ass et, sou séier wei méiglech dës Risikopersounen ze identifizéieren an hinne professionell Ënnerstëtzung unzebidden.

Duerch d'Ausbildung vun enger grousser Unzuel vu PSSM-Secouristen (bis dato ëm déi 500, wat ronn 10 % vum gesamte Personal aus de Lycéeën ausmécht), kréien déi Persounen, déi an emotionaler Nout sinn, d'Méiglechkeet, vun enger Uspriechpersoun identifizéiert a gehéiert ze ginn. Et geet dobäi och dorëms, den Tabu vun de mentale Gesondheetsproblemer ze verréngeren an d'Schoulgemeinschaft méi opmierksam ze maachen op déi psychologesch Schwieregkeeten, déi souwuel d'Schüler wéi och d'Aarbechtskolleege kënne begéinen.

Am Allgemengen kann ee soen, datt d'Grondschoulen an d'Lycéën opgestallt sinn, sief et duerch d'Schafung vu Krisenekippen (Équipe de postvention EPV am Lycée bzw. Krisenteam KIT an der Grondschoul), sief et duerch déi eenzel Weiderbildungen oder Begleetmesuren, déi fir déi Professionell an déi Jonk ugebuede ginn.

Et läit net an den Attributioune vu menge Servicer, fir Suizidfäll ze repertoriéieren. De Ministère de la Santé ass fir dës Statistiken zoustänneg, des Weideren huet d'Änwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 7247 vum November 2022 Prezisioune ginn.

Lëtzebuerg, de 16. November 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH